LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 11 JUIN 2020

REÇU
Par Alff Christian , 11:56, 11/06/2020

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: **Réponse conjointe de Monsieur Xavier Bettel, Premier Ministre, Monsieur Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, Madame Paulette Lenert, Ministre de la Santé, et Madame Sam Tanson, Ministre de la Justice, à la question parlementaire n°2181 du 11 mai 2020 de l'honorable Député Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire n°2181 du 11 avril 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Réponse conjointe de Monsieur Xavier Bettel, Premier Ministre, Monsieur Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, Madame Paulette Lenert, Ministre de la Santé, et Madame Sam Tanson, Ministre de la Justice, à la question parlementaire n°2181 du 11 mai 2020 de l'honorable Député Fernand Kartheiser**

Et sief fir d'éischt op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 1042 vum 8. August 2019 vum honorabelen Deputéierte verwisen, déi erkläert, dass en irreguläre Sejour zu Lëtzebuerg weeder ënnert d'Kategorië vun engem Delikt oder engem Verbriechen nach ënner d'Stroofgesetzbuch falen.

An deem Sënn soll een d'Zouso, am Kader vun der sanitärer Kris keng administrativ Decisioun géint Auslänner, déi illegal am Land sinn, ze huelen, net verwiessele mat engem ausser Kraaft setze vun der „obligation de dénoncer" vu penalen Delikter– wat zwou ganz verschidde Saache sinn.

Den 3. Abrëll huet de Lëtzebuerger Flüchtlingsrot (LFR) ee Bréif un d'Gesondheetsministesch geschriwwen, wou d'Fro vun de Leit, déi illegal am Land sinn, am Kader vun der Covid-19 Pandemie abordéiert gouf. Am Kontext vum Accès zu de Soins'en huet den LFR gefrot, fir wärend der sanitärer Kris kenne Garantië fir eng „absence de risque de poursuites administratives du fait d'absence de titre de séjour valable" ze kréien.

Des Garantien hunn d'Gesondheetsministesch an den Immigratiouns- an Asylminister an hirer gemeinsamer Äntwert, ob déi den honorabelen Deputéierten sech berifft, accordéiert. Domat ass am Interessi vun der ëffentlecher Gesondheet d'Zouso gi ginn, dass Leit, déi sech an engem Spidol am Kader vun der Covid-19 Kris géife presentéieren, keng „décision de retour" am Kader vum Immigratiounsgesetz géifen zougestallt kréien an och net an de Centre de rétention géife placéiert ginn. Doduerch ass déi administrativ Situatioun vun de betraffene Persounen net regulariséiert, mee dës Garantie soll awer evitéieren, dat déi betraffe Léit aus Angscht virun enger administrativer Decisioun net géingen déi néideg Schrëtt am Kontext vun der Pandemie maachen.

Et kann an deem Sënn net behaapt ginn, dass eng „obligation de dénoncer" ausser Kraaft gesat gi wier.